Lëtzebuerger **Guiden** a **Scouten**

ALTHING Nuetsspill

Geschicht zum Spill:

Den Odin, den Wikinger hiren gréissten an mächtegsten Gott, gouf, genee wéi seng Götter-Frënn den Thor, den Här iwwer Blëtz an Donner an d'Freya, d'Göttin vun der Léift, beklaut. Den Odin krut seng Kroun, den Thor säin Hummer an d'Freya säin Häerz gestuel. Déi dräi Götter sinn um Buedem zerstéiert, ouni hier magesch Géigestänn, sinn si Muecht- a kraftlous. Si hunn Detektive op all Kontinenter an iwwer all d'Weltmierer geschéckt fir no hieren Sachen ze sichen.

Si kruten no laangem Waarden d'Informatioun, dass hier Saachen zu Heischent verstoppt wieren. Den hannerlëschtegen Hallefgott Loki hätt se an sengem Besetz.

D'Lager vum Loki ass souguer am Bësch wou d'Kanner sech befannen.

Well d'Götter selwer den Loki net Meeschter ginn ouni hier magesch Géigestänn, brauchen si vertrauenswürdeg Gehëllefen, déi genuch Mutt hun duerch Déck an Dënn ze goen. Do kommen hinnen direkt d'Kanner an den Sënn vun deenen si nemmen Guddes héieren hunn...

D'Kanner brauchen vir hier Missioun eng Schutzkleedung ( déi aus 6 Deeler besteet), mat där si onbesiegbar gin an mat där Si den Loki kënnen bezwéngen. Op des Manéier kommen Sie mat Liichtegkeet laanscht den Loki (dee grad schléift) an un den Wikingergötter hier kostbar Géigestänn erun. D'Schutzkleedung fannen d'Kanner bäi de hëllefsbereeten Bëschwiesen vun Heischent...

Erklärung vum Spill:

Et handelt sec heem en Nuetsrallye mat Posten. D'Posten sinn mat Fakelen/Käerzen markéiert.

Ass d'Aufgab vun engem Posten erfollegräich geléist. Dann kritt de Ruddel en „Kleedungsstéck", deen een fräiwëllegt Kand  undoe soll.

Komplett ass de Ruddel wann déi 5 Kleedungsstécker: Helm,Hiem,Haenchen, Schëld, Schwäert zesummen huet (di vun engem Kand gedroen ginn).

De Responsabel vun engem Posten huet daat Kleedungsstéck , wat hien ubitt un, sou erkennen d'Kanner wou se hinmussen. Ass ee Posten besat, mussen d'Kanner en aneren sichen. Wann d'Schutzkleedung komplett ass, sollen d'Kanner mat de Kleeder bis fir bäi d'Leinwand kommen. Hunn déi dräi éischt Ruddelen hier Schutzkleeder komplett (bäi all komplettem Ruddel=Toun, 1X, 2X, 3X=fäerdeg), kommen alleguerten d'Kanner zréck bäi d'Leinwand. Elo kënnen déi dräi éischt Ruddelen versichen dem Loki säin Lager ze stiermen (Zelt). Konkret sinn dat 3 Kanner (di di komplett Rüstung un hunn) an zesummen bei den Loki era ginn.

(Am Zelt waart kee grujelen Loki, mä e léiwen Chef. Deen zesummen mam Kand e Kampf simuléiert. Een nom aneren kritt esou den Hummer d'Kroun an d'Häerz zréck an kann se de Götter zréck ginn.)